



Luxembourg, le 20 septembre 2021

**Service central de législation**  
**Monsieur Marc Hansen**  
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°4941 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°4941 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat  
et du Développement durable



Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°4941 vum 8. September 2021 vun den honorabelen Deputéierten Här André Bauler an Här Gusty Graas iwwert « danger pour des ponts résultant de troncs d'arbres flottants »**

**„ An der Atert leien de Moment, nom Héichwaasser vu Mëtt Juli 2021, Bamstämm, déi bei engem neien Héichwaasser d'SEBES-Bréck tëschent Iewerleng an Useldeng blockéiere kënnen.**

**Iert d'Atert dann iwwert den Damm vun der SEBES-Bréck fléisst, géif se fir d'éischt bis zu dräi Meter héich an der Haaptstrooss vun Iewerleng stoen, wat et mat alle Mëttel ze verhënnere gëllt, wéinst dem grouse Schued, deen da géif entstoen.**

**Well d'SEBES-Bréck jo awer net als Staumauer gebaut ginn ass, ass d'Gefor grouss, datt se vum Waasser ewech gedréckt gëtt, an domat Drénkwaasserleitung tëschent Esch-Sauer an dem Rescht vum Land ënnerbrach wier.**

**An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:**

**1. Ass d'Madamm Minister vum Waasserwirtschaftsamt iwwer dës präzis Problematik informéiert ginn? Wa jo, wat fir Aarbechte mussen gemaach ginn fir dës Gefor ze behiessen a bis wéini kann dat de Fall sinn?**

No den Iwwerschwemmungen vu Mëtt Juli, stung d'Waasserverwaltung am enken Kontakt mat de Gemengen an huet vill Baachen kontrolléiert fir sécher ze stellen dat keng zousätzlech Schied géifen entsto. De Service Projets et entretien vun der Waasserverwaltung huet ausserdeem vill urgent Interventiounen duerchgefouert fir ugeschwemmten Material aus de Baachen eraus ze huelen fir de gudden Duerchfluss vum Gewässer nees ze erméiglechen.

D'Waasserverwaltung ass nom Héichwaasser vu Mëtt Juli net iwwert dës präzis Problematik informéiert ginn. No enger rezenter Visitt vun der Atert uewerhalb vun der SEBES-Bréck huet d'Waasserverwaltung festgestallt dass effektiv op zwou Plätzen e puer Beem an d'Baach gefall sinn déi eng eventuell Gefor kéinten duerstellen wann si an engem Héichwaasserfall géifen fortgeschwemmt ginn. Déi Beem kënnen mat Hëllef vun Trakteren resp. aneren Maschinnen aus der Baach erausgezunn ginn. D'Waasserverwaltung wäert dës Aarbechten an der Woch vum 20 September duerchféieren.

**2. Ass d'Madamm Minister och nach iwwer aner Plaze laanscht d'Atert a Kenntnis gesat ginn, wou emgefalle Beem zu Stau-Situatiounen am Fall vun Héichwaasser kéinte féieren? “**

Ausser op enger Platz an der Gemeng Bissen ass d'Waasserverwaltung net iwwer aner Plazen laanscht d'Atert a Kenntnis gesat ginn wou emgefalle Beem zu Stau-Situatiounen am Fall vun Héichwaasser kéinte féieren. Allgemeng fiert d'Waasserverwaltung d'Baachen regelméisseg of fir ze kontrolléieren wou Beem oder aner Obstruktiounen sinn déi eng Gefor am Fall vun Héichwaasser kéinten duerstellen, esou och nom Héichwaasser am Juli. Et ass allerdéngs net méiglech fir all Platz ze erkennen. Dat hänkt och mat der Accessibilitéit vun den jeeweilegen Deeler vun de Baachen an den Terrain'en of. Dofir ass et wichteg dass extern Acteuren sech bei der Waasserverwaltung mellen falls hinnen esou Situatiounen opfale. Déi zoustänneg Servicer vun der Waasserverwaltung kënnen dann op der Platz d'Situatioun ofschätzen an eventuell noutwendeg Aarbechten koordinéieren.